
«Fréier wor alles –»
eng satiresch Chronik
vun de 60er Jore bis haut...
vun a mam
Jules Arpetti
a Jhemp Hoscheit
Samschdeg, den
12. Oktober 2024
20:00 Auer
D'Dieren & d'Buvette ginn um 19:30 op
Kulturhaus Koplescht
6, rue de Mersch
L- 8181 Kopstal
15€ / Persoun
organiséiert vun:
KULTUR ASBL


## «Fréier wor alles...» eng satiresch Chronik vun de 60er bis haut vun a mam Jules Arpetti a Jhemp Hoscheit

An dësem satiresche Programm, dee vu Januar 2020 un bis elo fënnefanzwanzeg mol mat groussem Publikumserfolleg opgefouert gouf, kucken déi zwee Artiste mat Humor, Wuertwitz an enger Dosis Nostalgie op virdigital Zäiten zréck.

No den zwee politesche Joresréckblécker ‘Sorry fir deen Duercherneen’ (2017) a ‘Märd alors…’ (2019), ass dës nei kabarettistesch Liesung e witzegen, ofwiesslungsräichen zäithistoresche Réckbléck vun de 6oer bis an déi haiteg Zäit : vum Analoge bis zum Digitalen, vum Schlappekino bis zum Streaming, vum Thé Dansant bis zur Technoparty, vu Bonanza bis zu Games of Thrones, vum Haustelefon bis zum Smartphone.

Et ass eng generatiouneniwwergräifend Zäitrees a jidderee ka sech op seng Manéier dran erëmerkennen, am witzegen Hin an Hier tëschent Annodazumal an dem Zäitgeescht vun haut.

De Jhemp Hoscheit trëtt am Rollespill mam Museker a Gittarist Jules Arpetti op, deen net nëmmen e kabarettisteschen Textinterpret ass, mee och mat de passende Songen an Oldies fir déi zousätzlech musikalesch Ambiance suergt.



# Umeldungsformulaire

Schéckt den ausgefëllte Formulaire wgl. bis den 9. Oktober 2024 zeréck: kopstal.bridel.kultur@gmail.com

Numm ______________________________

Virnumm ______________________________

E-mail ______________________________

Telefonsnummer ______________________________

Unzuel u Leit ______________________________

organiséiert vun:

KULTUR ASBL
ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF

Fir Reservatiounen a méi Informatiounen:
T.: 27 327 - 302 (wärend de Büroszäiten) ·
kopstal.bridel.kultur@gmail.com